


# SAND WEILER Aktuell

06-2022

06.07.2022

## Bicherkabinn

Ufank Juli 2022 huet d'Gemeng Sandweiler eng Bicherkabinn op der Plaz tëscht dem Gemengegebai an der Kierch opgeriicht.

Dës Kabinn ass eng Austauschsplattform fir Bicher, **wou jidderee gratis Bicher ausléinen an/oder se géingt en anert Buch austausche kann.** Déi ënnescht Hallschent ass fir d'Kannerbiicher virgesinn, déi iewescht fir de Rescht.

Mir zielen op är Disziplin fir d'Bicherkabinn an engem gudden Zoustand ze halen. Stellt w.e.g. keng Bicher ausserhalb vun der Kabinn of.

Wann iech dëse Konzept gefält, invitéiere mir Iech eng änlech Bicherkabinn virum Jugendhaus ze entdecken.

## Cabine à livres

Début juillet 2022, l'administration communale de Sandweiler a installé une cabine à livres sur la place entre le bâtiment communal et l'église.

Cette cabine est un lieu d'échange de livres **où chacun peut y emprunter gratuitement des livres et/ou l'échanger contre un autre livre**. La moitié inférieure est destinée aux livres pour enfants, celle du haut pour le reste.

Nous comptons sur votre discipline afin de maintenir la cabine à livres dans un bon état. Veuillez ne pas déposer des livres en dehors de la cabine s.v.p.

Si ce concept vous plaît, nous vous invitons à découvrir une cabine à livres similaire devant la maison des jeunes.



**Nouvelle numérotation des lignes RGTR**

**Règlement général de police**

GEMENG SANDWEILER

18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Nei Nummeréierung vun de RGTR-Linnen ab dem 17.07.2022

Zënter 2016 huet d'RGTR Busnetz permanent evoluéiert. Et gouf graduell a verschiddene Phasen ëmstrukturéiert fir d'Mobilitéit vun de Benotzer laangfristeg ze verbesseren. Dës Reorganisatioun geet de 17. Juli 2022 op en Enn mat der Ëmsetzung vun der leschter Phas vun der Reorganisatioun, déi vun enger neier Nummeréierung vun de Linnen am ganzen RGTR-Netz begleet gëtt.

Déi al Nummeréierung an déi al Zäitpläng bleiwe bis de 16. Juli 2022 gëlteg a déi nei ginn ab dem 17. Juli 2022 moies a Betrib geholl. **D'Schoulbuss-Linne ginn zu engem spéideren Datum publizéiert.**

Hei sinn d'Ännerunge fir d'Linnen déi duerch Sandweiler a Findel fueren:

| Al | **Nei** | Start - Destinatioun |
|---|---|---|
| 122 | **361** | Cargo Center – Aéroport – Schrassig |
| 150 | **421** | Howald – Canach – Ahn |
| 160 | **411** | Howald – Stadtbredimus – Remich |
| 184 | **406** | LUX Kirchberg – Moutfort – Remich |
| 223 | **455** | LUX Kirchberg – Itzig – Leudelange |

Weider Informatiounen op www.mobiliteit.lu

## Nouvelle numérotation des lignes RGTR au 17.07.2022

Depuis l'année 2016, le réseau des bus RGTR a été en constante évolution. Il a été progressivement réorganisé en différentes phases afin d'améliorer à long terme la mobilité des usagers. Cette restructuration arrivera à son terme en date du 17 juillet 2022 avec la mise en place de la dernière phase de réorganisation, accompagnée d'une nouvelle numérotation des lignes de l'intégralité du réseau RGTR.

Les anciens numéros et horaires restent valables jusqu'au 16 juillet 2022 inclus, les nouveaux entrent en service dès le 17 juillet 2022 au matin. **Les lignes scolaires seront publiées ulterieurement.**

Voici les modifications pour les lignes qui desservent Sandweiler et Findel:

| Ancien | **Nouveau** | Origine - Destination |
|---|---|---|
| 122 | **361** | Cargo Center – Aéroport – Schrassig |
| 150 | **421** | Howald – Canach – Ahn |
| 160 | **411** | Howald – Stadtbredimus – Remich |
| 184 | **406** | LUX Kirchberg – Moutfort – Remich |
| 223 | **455** | LUX Kirchberg – Itzig – Leudelange |

Plus d'informations sur www.mobiliteit.lu

## Rappell vum Policereglement

D'Policereglement u sech ass eng Mesure, déi de Gemenge ginn ass fir e bessert an harmonescht Zesummeliewen ënnert de Bierger ze erméiglechen. An dësem Kontext an nodeems eis e puer Fäll gemellt gi sinn, wëlle mir iech op zwee spezifesch Artikelen opmierksam maachen:

· Kapitel 2 (Ëffentlech Rou), Artikel 20: ***Et ass verbueden déi ëffentlech Rou duerch exzessiv Geräischer a Kaméidi ze stéieren.***

Jidderee muss zu all Zäit all néideg Moossnam ergräife fir d'Erhuelung an d'Rou vun aneren net ze stéieren, souwuel daagsiwwer wéi nuets.

· Kapitel 4 (Parken, ëffentlech Gäert, Fräizäitplazen, Spillplazen a Bëscher), Artikel 53: ***...et ass verbueden d'Bëscher ze beschiedegen a virun allem am Bësch Feier ze maachen.***

Wéinst Brandgefor dierf also och net am Bësch gegrillt ginn an et dierfe keng Zigarettestëmp am Bësch entsuergt ginn.

Dat ganzt Reglement fannt dir dir op eisem Site:
https://www.sandweiler.lu/mediatheque?media=26

## Rappel du règlement général de police

L'objectif du règlement général de police est de permettre aux responsables communaux d'organiser la cohabitation entre voisins d'une façon plus juste et harmonieuse. Dans ce contexte et suite à des faits qui nous ont été reportés, nous souhaitons vous rendre attentif à deux articles spécifiques :

· Chapitre 2 (tranquilité publique), article 20 : ***Il est défendu de troubler la tranquillité publique par des cris et des tapages excessifs.***

Chacun doit prendre toutes les mesures nécessaires en tout temps afin de ne pas troubler le rétablissement et la tranquillité d'autrui, de jour comme de nuit.

· Chapitre 4 (parcs, jardins publics, lieux de récréation, aires de jeu et bois), article 53 : ***...il est défendu d'endommager les bois et bosquets et notamment d'y allumer un feu.***

En raison du risque d'incendie, il est interdit de faire des grillades dans la forêt et d'y jeter des mégots de cigarette.

Le règlement peut être consulté en entier sur notre site:
https://www.sandweiler.lu/mediatheque?media=26